

## Eng onbequem Wourecht ? – Iwwerleeungen zum Klima- an Energieplang

De 19. Dezember wollt ech op rtl.lu e Reportage am Forum kommentéieren iwwer eng Pressekonferenz vum Mouvement écologique, wou de nationale Klima- an Energieplang nawell zolidd kritiséiert gouf.

Grad just eng Woch virdrun hat ech an der Rubrik „Meenung“ en oppene Bréif un de Mouvement écologique geréicht, genau zu dësem Thema vun der Energie (hei de Link : <https://www.rtl.lu/meenung/lieserbreiwer/a/1442781.html>).

No den Aussoen déi een an dëser Pressekonferenz konnt héieren, ass mäi Bréif a säin Inhalt awer offensichtlech net beim Mouveco ukomm, dofir wollt ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir mat mengem Kommentar nach eng Kéier zu dem Thema „erneierbar Energien“ nozehaken.

No dräi Stonne war vu mengem Kommentar awer nach ëmmer näischt ze gesinn...

Kuerz drop koum dunn och nach en zweeten Artikel zu dësem Thema op rtl.lu. Dës Kéier goung et ëm d'Opposition déi an der Chamberdebatt kee gutt Hoer um Klima- an Energieplang gelooss huet.

Net faul hunn ech mäi Gléck eben eng zweete Kéier versicht, an hu mäi Kommentar dunn nach emol ënner dësen zweeten Artikel gesat.

Och hei muss mäi Kommentar iergend anzwousch „hänke“ bliwwen sinn. Ech waarden haut nach drop.

**Fir all Frënn vu „subversiven“ Texter kënn he drënner dann elo iwwer dës Wee mäin onbequeme Kommentar, deen et net duerch de Filter am Forum gepackt huet :**

De Klima- an Energieplang gëtt aktuell vu ville Säite kritiséiert.

De gréisste Problem vum Energieplang ass awer folgenden :

Am Géigesaz zu deem wat de Ressortchef aus dem Energieministère regelméisseg behaupt, gëtt et guer keng technesch Basis fir eng Energiewend duerchzeféieren.

Et gëtt just Schäintechnologien déi Subside produzéieren, awer leider keng versuergungssécher Energie am néidegen Ëmfang.

An deem Kontext stellt d'Wandenergie sech jo als Haaptpillier vun der Energietransition an als groust Klimaschutzinstrument duer.

Viru ronn enger Woch koum hei um Site en oppene Bréif un de Mouvement écologique, an deem schematesch duergestallt gëtt, wat ee vun technesche Moyenen um Terrain misst ëmsetzen, fir eng Stroumwend op der Basis vum haitege Stroumverbrauch ze realiséieren.

Obwuel mer bei dem beschriwwenen Ausbauniveau nach wäit vun enger GESAMTER Energiewend ewech wieren (Undeel vu ronn 20% vum Endenergieverbrauch, Tanktourismus schonn eraus gerechent), stellt sech eraus, dat schonn dee Moment mat engem enorme Ressourcëverbrauch (Gréisstenuerdnung : ronn 10 Milliounen Tonnen Baumaterial) an mat enorme finanzielle Mëttelen (Gréisstenuerdnung : iwwer 20 Milliarden Euro fir Wandanlagen an Elektrolyseuren bei enger Lafzäit vu ronn 20 Joer) eng flächendeckend industriell Iwwerformung vun eise natierleche Liewensraum duerchgefouert misst ginn (am Schnëtt ongeféier all 700m eng industriell 3 Megawatt-Wandanlag).

Wann een dës Gréisstenuerdnung gesäit, da weess een dat et realistesch gesi wuel kaum zu esou enger Ëmsetzung wäert kommen, d.h. de realiséierbare Potenzial ass esou kleng, dat den Echech virprogramméiert ass.

Dës Limitte gëlle net just spezifesch fir Lëtzebuerg, mä sinn e globale physikalesche Problem : eng kleng Energiedicht gekoppelt mat enger héijer Volatilitéit vun der Leeschtung. De Flächen- a Ressourcëverbrauch wier vill ze héich, an et gëtt weder eng technesch nach eng wirtschaftlech Perspektiv fir eng Späicherung am néidegen Ëmfang (dat kann ee wéi gesot am Bäitrag vum 9. Dezember noliessen, wou dës Limitte veranschaulicht ginn). Dat si kloer a novollzéibar physikalesch Tatsaachen, fir déi d'Politik sech kaum interesséiert, iwwer déi se sech awer och net kann ewechsetzen.

Wéi gesäit also an der logescher Konsequenz d'Realitéit um Terrain aus ?

Effektiv leien déi volatil Energië weltwäit an enger Gréisstenuerdnung vu just engem Prozent Undeel vum Endenergieverbrauch (fossil Energië liwweren ongeféier véier Fënneftel). D'Limitt an der Praxis gesäit een um däitsche Beispill (nëmme ronn 4% Undeel Wandenergie am Endenergieverbrauch) wou d'Netzfrequenz nach just mat Hëllef vun auslännesche reegelbare Kraaftwierker an duerch heefeg Ofschaltunge vu stroumintensiven Industrië ka stabil gehale ginn.

Déi konkret technesch Donnéeën weisen onmëssverständlech d'Absurditéit vun dem aktuellen Energieplang. Et gëtt een den Androck net lass, dat den Zweck vun dësem Energieplang an engem just gréng gefierfte plangwirtschaftleche Programm besteet, fir eng onrentabel Industrie - déi trotz staarker Lobbyarbecht haut an enger technescher an ekonomescher Sakgaass stécht (cf. Abroch vun der Wandenergie dëst Joer an Europa an haaptsächlech an Däitschland) - iwwer dës Wee kënschtlech um Liewen ze halen.

D'Absurditéit vun dem Potenzial fir de Klimaschutz gëtt och an enger ganz einfacher Plausibilitätsiwwerleeung däitlech : haut läit den Undeel vun der Wandenergie an eisem Endenergieverbrauch op ronn 0.5%. No den Zuele vum Klimaplang 2030 kéim een op ronn 1,4%. Dat ass e Plus vu ronn 1% an 10 Joer. Wann all konventionell Kraaftwierker solle vum Netz goen, a wa mer den Transport- a Wärmesecteur wëllen elektrifizéieren, da bräichte mer bei dëse realistesch Ausbauraten a mat dësen Instrumenter vun der Gréisstenuerdnung hier e Joerdausend fir un d'Zil ze kommen.

Hu mer dann éiere keng Klima-Urgence méi ???

Dobäi kënn natierlech och, dat d'CO<sub>2</sub> Reduktiounen déi fir all Wandanlag statesch berechent ginn, nees duerch divers Verlagerungseffekter kompenséiert ginn, z.B. duerch d'Fräisetze vun Emissiounszertifikater, duerch Carbon leakage an duerch de fräie weltwäiten Handel mat fossile Brennstoffe.

Am europäesche Green Deal an am Lëtzebuurger Klima- an Energieplang soll d'Consummatioun vu fossile Brennstoffe méi deier ginn, hire Verbrauch an CO<sub>2</sub> Emissiounen solle reduzéiert ginn. An der Pressekonferenz freet de Mouveco nach méi héich CO<sub>2</sub> Präisser a méi héich Accisen op fossile Brennstoffe. Mir missten also nach méi ambitiéis ginn.

Si mer eis all bewusst dat Economie an Handel net statesch sinn, an dat mer an enger globaler Welt liewen ?

Bei all deem „act local“ schénge mer de „think global“ total aus den Ae verluer ze hunn :

Mir sollen eis näischt virmaachen. Et sinn exklusiv d'Ubidders vu fossile Brennstoffe déi mat der geförderter Quantitéit decidéieren, wéi vill CO<sub>2</sub> weltwäit schlussendlech emittéiert gëtt, egal wéi vill Wandanlagen mer an d'Landschaft stellen. A mat engem méi héijen europäeschen CO<sub>2</sub> Präis an enger limitéierter europäescher Nofro riskéiere mer just d'Weltmaartpräisser vu fossile Brennstoffe ze drécken. Bei eis gëtt d'Energie fir Privatstéit, Handel an Industrie duerch d'Steieren zwar méi deier, mä d'Ubidders vu fossile Brennstoffe fuere weider a verkafen déi Quantitéit déi si selwer definéieren dann eben ausserhalb vun Europa.

A mat méi niddrege Weltmarktpräisser fir fossil Brennstoffer, déi mir mat eiser Politik selwer provozéieren, subventionéieren a stimuléieren mer just nëmmen hir Consommation an den USA oder an Asien. Et gëtt mat dëser Politik potenziell kee Gramm CO2 weltwäit manner ausgestouss. Dovunner huet d'Weltklima awer näischt wa mir eis eege Kafkraaft a Wirtschaft ausbremsen, a mat eiser Politik aner Ekonomien op der Welt ënnerstëtzen !

Wéi sou héiert een an der Chamberdebatt näischt vun dëse fundamentale Problemer bei dësem Klima- an Energieplang ? Ass dës Klimapolitik just eng Show fir d'Wielerpublikum, an déi beschriwwene Kollateralschied gi bewosst a Kaf geholl ?

Et brauch een de Klimaplang net ze kritiséieren, well e net vill konkret Moossnamen enthält : am Klimaplang kënnen guer keng wierklech konkret Moossnamen stoen, well et guer keng wierksam „gréng“ technesch Instrumenter gëtt !

Well et näischt Konkretes gëtt, müssen elo ouni Récksiicht op d'Natur an d'Liewensqualitéit grouss siichtbar SYMBOLER – déi mat eisen CO2 Steieren deelweis finanzéiert ginn - an d'Landschaft gestalt ginn !

**Bei alle beschriwwene Fakten, déi jiddereen objektiv ka novollzéien, kann ee net méi verstoppen, dat en offensichtlech kaum miessbar Resultat fir de Klimaschutz a kengem Verhältnes steet zu dem Opwand an den Ëmweltschied, déi an engem duerchaus duerstellbaren Ausmooss vun industrielle Wandanlage generéiert ginn.**

Wann ee konkret wësse wëll wou de Wee hiféiert, da brauch een z.B. just de “Feldversuch Däitschland” ze kucken : scho bei engem klengen Undeel vu nëmmen véier Prozent um Endenergieverbrauch ass den Impakt vun de ronn 30.000 industrielle Wandanlagen op Natur, Landschaft a Liewensqualitéit awer schon enorm. Well vill Fräiflächen elo schon opgebraucht sinn, ginn ëmmer méi Bëschflächen ofgeholzt fir industriell Wandanlagen opzerrichten. Absurd. Eng ekologesch Katastroph. Mä esou wäit kënnen et wann een de Kapp an de Sand stécht. Déi konkret spierbar Auswierkungen drécke sech aus a ronn dausend (!) federéierte Biergerinitiativen, déi sech an Däitschland fir Natur a Liewensqualitéit asetzen. Et ass effektiv eng vun de gréisste Biergerbeweegungen, an dat ganz ouni medial Ënnerstëtzung, well se sech jo net op d'Säit vun der vermeintlech “gudder Energie” stellt.

An der Chamberdebatt weist sech de Ressortchef am Energieministère och nach ausdrécklech houfreg dorop dat mer zu Lëtzebuerg kee Plan sectoriel fir den Ausbau vun der Wandindustrie ausschaffen. Esou ee Plang wier senger Meenung no e Feeler. Esou gesäit zu Lëtzebuerg also Landesplanung aus ! Hei gëtt fir d'éischt eng Goldgrüerwüstung ugestiwelt, an da gëtt voller Iwwerzeegung de Wildwuchs vun dësen iwwer 200 Meter héijen Industrieanlagen ënnerstëtzt. Oder ass dat just dee gudden ale Prinzip „Teile und herrsche“. Op dës destrukturéiert Manéier kann dann all eenzele Projet vun enger Wandinduszriezon géint déi isoléiert lokal „NIMBYen“ duerchgedréckt ginn. Géif et e globalen Ausbauplang fir d'Land, wou sech d'Bevëlkerung vun dem Ausmooss vun der Industrialiséierung géif kollektiv bewosst ginn, da kéint jo mol och e globalen organiséierte Widderstand entstoan an d'NIMBY Taktik vun de Profiteure wier gebrach. Wéi praktesch also dat Landesplanung an Energie ënner enger „Responsabilitéit“ sinn. Hei gëtt oppen Industrielobbyismus bedriwwen. Wéi sou seet de Mouveco näischt heizou ? Wéi sou traue Naturschutzorganisatiounen sech net dogéint unzegoen ?

Hanner dem politesche Storytelling an der allgemenger Hypokrisie gëtt ëmmer méi kloer : et geet bei der Wandenergie haaptsächlech ëm e subventionéierte Business. Net méi a net manner. D'Natur bleibt dobäi wéi sou dacks op der Streck. Wann een dat ënnerstëtzt, erofspilt, oder an der öffentlecher Diskussioun einfach net ernimmt, ass ee fir dës Naturzerstéierung mat verantwortlech.

Meeschtens kënnen dann d' “Doudschlagargument“ : Et gëtt jo keng Alternativen !!! Mier musse jo eppes maachen !!!

Mä, huele mer einfach un et géif effektiv keng Alternative ginn, wier dat dann e logescht Argument fir eppes ze maachen wat vu vir eran net ka funktionéieren, a wat doriwwe eraus och nach kontraproduktiv ass ? Wann een eng viral Infektioun huet fir déi et keng Medikamenter gëtt, wat bréngt et da wann een 10 Antibiotiquen den Dag schléckt??? Do hëlleft et och net ze soen „Jo mä wat ass dann d'Alternativ“.

Mir kënnen net méi nokucken, dat Industriebau matzen an d'Natur geprafft ginn, ouni dat eng Bedriewerfirma, e Ministère oder egal wéi eng aner Lobby nowise kann, wat et konkret dem Energiesystem, der Natur an dem Klima bréngt.

**Voilà, dat war et !**

**Dat war de Kommentar deen et net duerch de Filter gepackt huet.**

Gouf bei deem Text elo e Nerv getraff dee verschiddene Leit wéi deet ?

Si mer elo um Wee an déi dacks zitéiert „Ökodiktatur“ wou et keng Plaz fir fräi Meenung an onbequem Wourechte gëtt ?

Egal wéi : elo kënnt eng Zäit wou ee muss wielen. Tëschent „Öko-Industrielobby“ engersäits a Natur-Lobby anerersäits. Tëschent gnadenloser Ausbeutung vun de natierleche Liewensraim engersäits an dem Naturschutz op der anerer Säit.

Et gëtt eng spannend Zäit !